Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4868

Statut du chef de département EPS

Déposée par: *Clement Sven*
Adressée à: *Meisch Claude, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*
Déclarée recevable le: *06.10.2026*
Date limite de réponse: *05.11.2026*

De 7. Juli 2026 huet eng Reunioun vum Collège des directeurs vum Enseignement secondaire stattfonnt, op déi d'Chefs de département vum edukativen a psycho-sozialen (EPS) Personal aus de Lycéeën invitéiert waren. Laut mengen Informatiounen wieren d'Lycéesdirekteren an d'Chefs de département EPS bei där Geleeënheet informéiert ginn, datt de Chef de département de Supérieur hiérarchique vum EPS-Personal am Lycée an d'office Member vun der Direktioun wier. Hie kéint allerdéngs net Attaché à la direction sinn, well den Attaché à la direction kee Supérieur hiérarchique wier.

An deem Kontext erlaben ech mer, dem Här Minister follgend Froen ze stellen:

1. Ass de Chef de département EPS d'office Member vun der Lycéesdirektioun?

2. Wa jo, ass d'Fonktioun vum Chef de département eng Fonction dirigeante, déi vum modifizéierte Gesetz vum 9. Dezember 2005 geregelt gëtt?

3. Am Fall, wou d'Fonktioun vum Chef de département eng Fonction dirigeante ass: Firwat ass keng Nominatioun fir eng Dauer vu 7 Joer virgesinn?

4. Am Fall, wou d'Fonktioun vum Chef de département keng Fonction dirigeante ass: Op wéi enger gesetzlecher Basis beruet de Fait, datt hie Member vun der Lycéesdirektioun ass?

5. Firwat kruten eenzel Chefs de département EPS eng Nominatioun als Attaché à la direction, wann e Chef de département net Attaché à la direction däerf sinn?

6. Ass de Chef de département de Supérieur hiérarchique vun de Mataarbechter aus de Servicer SePAS, SSE an ESEB?

7. Wa jo, wéi ass dat mam Artikel 24 vum modifizéierte Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Organisatioun vun de Lycéeë vereinbar, deen esou formuléiert ass: « Il [le directeur] est le chef

hiérarchique du personnel affecté au lycée. »?

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4868 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. **Ass de Chef de département EPS d'office Member vun der Lycéesdirektioun?**

   D'Funktioun vum Chef de département EPS gouf duerch d'Gesetz vum 30. Juni 2023 agefouert, mat deem ënner anerem dat geännert Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Organisatioun vun de Lycéeën ugepasst gouf. D'Missioune vum Chef de département sinn am Artikel 28, Paragraf 2, vum geännerte Gesetz vum 25. Juni 2004 festgehalen.

   De Chef de département ass zoustänneg, fir déi verschidde Servicer vum Departement ze koordinéieren, ënner Berücksichtegung vun hire jeeweilege gesetzleche Missiounen. Donieft ass hien zoustänneg fir d'Gestioun vun de Servicer, dorënner och d'Opstelle vun den individuellen Aarbechtspläng vun de Mataarbechter. Hien ass den Haaptuspriechpartner vun der Direktioun vum Lycée fir all Froen, déi den Departement betreffen, a suergt dofir, datt den Austausch, d'Zesummenaarbecht an d'Ofstëmmung tëscht de verschiddene Servicer assuréiert ass. De Chef de département iwwerhëlt domat eng iwwergräifend Leedungs-, Koordinatiouns- an Gestiounsfunktioun; hien ass de Supérieur hiérarchique vun de Mataarbechter vum Departement EPS a gehéiert an deem Sënn zu der Direktioun vum Lycée.

2. **Wa jo, ass d'Funktioun vum Chef de département eng Fonction dirigeante, déi vum modifizéierte Gesetz vum 9. Dezember 2005 geregelt gëtt?**

   Obwuel de Chef de département eng Funktioun am Beräich vun der Leedung an der Koordinatioun ausüübt, fält dës Funktioun net ënnert d'Bestëmmunge vum modifizéierte Gesetz vum 9. Dezember 2005 (*„déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État"*).

   Et ass an dësem Kontext ze betounen, datt d'Fonctions dirigeantes am Enseignement secondaire den Enseignantë virbehale sinn. An deem Sënn gesäit den Artikel 5 vum modifizéierte Gesetz vum 29. Juni 2005 (*„fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire*") explizit vir, datt den Direkter ewéi och de bäigeuerdenten Direkter virun hirer Nominatioun Enseignant musse gewiescht sinn: *„Le directeur et le directeur adjoint sont choisis parmi les fonctionnaires appartenant ou ayant appartenu pendant cinq ans au moins au personnel de la catégorie de traitement A, sous-groupe enseignement secondaire ou sous-groupe enseignement fondamental."*

3. **Am Fall, wou d'Fonktioun vum Chef de département eng Fonction dirigeante ass: Firwat ass keng Nominatioun fir eng Dauer vu 7 Joer virgesinn?**

   Am 1. Artikel vum uewe genannte Gesetz vum 9. Dezember 2005 fungéiert de Chef de département net als Fonction dirigeante. Deemno kann och keng Nominatioun op 7 Joer erfalen.

4. **Am Fall, wou d'Fonktioun vum Chef de département keng Fonction dirigeante ass: Op wéi enger gesetzlecher Basis beruet de Fait, datt hie Member vun der Lycéesdirektioun ass?**

   De Chef de département ass opgrond vu senger iwwergräifender Leedungs-, Koordinatiouns- a Gestiounsfunktioun als Member vun der erweiderter Direktioun vum Lycée ze verstoen. Seng Bedeelegung un der interner Leedung an Ofstëmmung vum Lycée berout op de Missiounen, déi him den Artikel 28 vum geännerte Gesetz vum 25. Juni 2004 zouweist.

5. **Firwat kruten eenzel Chefs de département EPS eng Nominatioun als Attaché à la direction, wann e Chef de département net Attaché à la direction däerf sinn?**

   D'Artikele 27 an 28 vum geännerte Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Organisatioun vun de Lycéeë reegelen zwou verschidde Funktiounen. Den Artikel 27 betrëfft den Attaché à la direction, deen den Direkter ënnerstëtzt an als säin Delegéierten ënner anerem d'administrativ a pedagogesch Gestioun vun de sektoriellen Departementer iwwerhuele kann. Den Attaché gëtt vum Minister op Virschlag vum Direkter fir e Mandat vun dräi Joer ernannt, dat erneierbar ass. Den Artikel 28 reegelt dogéint d'Funktioun vum Chef de département, dee vum Minister op Virschlag vum Direkter ernannt gëtt an den Departement dirigéiert a koordinéiert. D'Funktioun vum Chef de département ass domat eng aner wéi déi vum Attaché à la direction. D'Attributioune vum Chef de département sinn entspriechend spezifesch am Gesetz festgehalen a ginn iwwert déi vun Attaché à la direction eraus.

   Aus den uewe genannte Bestëmmunge geet net ervir, datt déi zwou Funktiounen net vun där selwechter Persoun ausgeübt däerfe ginn. Op Basis vun der Autonomie vun den eenzelnen Direktiounen ass et an der Responsabilitéit vun all Direkter, seng Leedungs- a Koordinatiounsposten esou ze besetzen, datt d'Missioune vun all Service optimal ëmgesat kënne ginn.

6. **Ass de Chef de département de Supérieur hiérarchique vun de Mataarbechter aus de Servicer SePAS, SSE an ESEB?**

   Jo, de Chef de département huet, opgrond vun der gesetzlech zougewisener Verantwortung a Koordinatiounskompetenz, eng hierarchesch iwwergeuerdent Funktioun par rapport zu de Mataarbechter vum Departement EPS.

7. **Wa jo, wéi ass dat mam Artikel 24 vum modifizéierte Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Organisatioun vun de Lycéeë vereinbar, deen esou formuléiert ass: « Il [le directeur] est le chef hiérarchique du personnel affecté au lycée. »?**

   Jo, déi zwou Bestëmmunge si matenee kompatibel. Laut Artikel 24 vum geännerte Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Organisatioun vun de Lycéeën ass den Direkter de *„chef hiérarchique du personnel affecté au lycée"* ass. Dëst schléisst awer net aus, datt intern spezifesch Responsabilitéiten an Direktiounsaufgaben anere Persounen per Gesetz zougewise ginn. Den Artikel 28 vum selwechte Gesetz gëtt dem Chef de département ausdrécklech d'Missioun, säin Departement ze dirigéieren an

ze koordinéieren. Zu sengen Aufgaben zielen ënner anerem déi administrativ Gestioun vun de Servicer an d'Opstelle vun den individuellen Aarbechtspläng vun de Mataarbechter. Et muss also tëschent der allgemenger hierarchescher Autoritéit vum Direkter an de gesetzlech festgeluechte Leedungs-, Koordinatiouns- an administrativen Aufgabe vum Chef de département ënnerscheet ginn. De Chef de département kann d'Aarbecht vun de Servicer a sengem Departement dirigéieren a koordinéieren, ouni domat d'Positioun vum Direkter als ieweschte Chef hiérarchique vum Personal am Lycée a Fro ze stellen. Esou gouf et och am Accord vum 16. November 2021 mat de Gewerkschaften ALEE, SLEG a SPEBS festgehal: „*Dans les lycées, le personnel EPS affecté au service de psychologie et d'accompagnement scolaires (SePAS), au service socio-éducatif (SSE), à l'équipe de soutien pour élèves à besoins spécifiques (ESEB), à l'internat scolaire, ainsi qu'à la cellule d'orientation est dirigé par un chef de service agissant sous l'autorité du directeur du lycée.*"

Dës Ausleeung gëtt duerch den Avis Nr. 61.353 vum Conseil d'État vum 24. Mäerz 2023 ënnerstëtzt. A sengem Avis zum Gesetzesprojet Nr. 8169 huet de Staatsrot erkläert, datt d'Formuléierung *„placé sous l'autorité du directeur"* am initiale Projet konnt gestrach ginn, well et evident wier, datt all Servicer an Departementer vun engem Lycée ënner der Autoritéit vum Direkter stinn, deen de Chef hiérarchique ass.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH